



De Budget de nouvelle génération ass en fait e Processus - ech wëllt dann e bëssen doriwwer aushuelen an dann och ophalen, Här President -, deem dëst Joer an dräi Phase geschitt ass.

Mir hu fir d'Éischt eng Phas de cadrage gemaach - och mat Hëllef vun engem Consultant - an dunn hu mer am ganze Stat 15 Aarbechtsgruppe plus véier Horizontalgruppe gegrennt, an déi hunn hir Aarbechte grosso modo elo fäerdeg gemaach. An déi drëtt Phas geet elo an dësen Deeg un, wou d'Regierung muss de Choix maachen tëschent de verschiddene Mesuren, déi do virgeschloe gi sinn. Dat heescht, elo fänkt d'Phas un, delikat ze ginn, well do Arbitragë musse gemaach ginn.

Mä deen Exercice, dee mer dëst Joer gemaach hunn, dat heescht, wou mer d'Dépenses all hanerfrot hunn, deen „Budget review“, ass en Exercice, fanne mer, dee ganz gutt ass an dee mer all déi aner Jore vläicht misste bäibehalen. Elo kenne mer d'Methodologie a mir mussen ee iwwert déi nächst Joren d'autant plus duerchzéien, well eise Budget haut pluriannuel ass.

Mä doriwwer ewech, wat elo 2015 geschitt, musse mer och op déi nächst Jore kucken. Mir wëllen do d'Missioune vum Stat an de Vierdergrond stellen, andeem mer déi alleguerten definéieren an eis Programmer ginn. Programmer, déi mer wëllen erreechen an déi mer wëlle moossen. Dat ass eng aner Manéier, e Budget opzestellen. Et ass awer och eng aner Manéier, de Budget ze kontrolléieren, andeem ee sech Ziler gëtt an da kuckt, wéi déi Ziler erreecht gi sinn.

Dat ass an anere Länner an der Vergaangenheet gemaach ginn. Dat ass e Processus, deem ass net einfach ze maachen, mä mir hunn eis dorop embarquéiert a mir wäerten och dës Chamber regelméisseg iwwert déi Développe-menter do au courant halen.

Mir wëlle schonn am Budget 2015 de Budget e bësse simplifizéieren, andeem mer tëschent dräi an 350 Artikelen zesummerafen, fir de Budget méi lieserlech ze maachen, fir awer och de Ministeren eng Responsabilitéit ze ginn, wéi se hir Ziler erreechen, wéi se hir Suen am beschten investéieren.

Bref, esou wéi dat och am Koalitiounsprogramm steet, mir wëllen d'Struktur vum Budget, esou wéi e gemaach gëtt a wéi en ausgeféiert gëtt, op Basis vun den Erkenntnisser vun der OECD, op Basis vun deene Studien, déi am Finanzministère gemaach gi si wéi och an der Inspection générale des Finances, an deene nächste Meint oder Jore maachen an dat am Intérêt vun enger méi effikasser a moderniséierter Ausgaben- a Budgetspolitik.

E lescht Wuert zur Majorité qualifiée. Ech freeë mech, dass d'CSV gesot huet, dass se géif dëse Projet matstëmmen. Doduerch kréie mer eng super Majorité qualifiée - well mir kréien elo eng ganz flott Ziffer eraus.

Ech wëll awer och ënnersträichen, dass, wann een et och um juristesche Plang kuckt, doduerch, dass mer den Traité budgétaire hei mat enger Majorité qualifiée gestëmmt hunn, och schonn am éischten Usaz eng qualifizéiert Majoritéit haten, an dass d'Traitéen zu Lëtzebuerg eng Valeur supérieure hunn an der Hiérarchie des normes du droit, wéi d'Lëtzeburger Gesetz, ech mengen, dass mer op kengem Punkt kéinten attackéiert ginn, dass mer dat hei net mat den néidege Majoritéite gemaach hätten.

An deem Sënn un lech alleguerte fir Är Com-mentaires a Reaktiounen villmools Merci!

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci och dem Finanz-minister. Den Här Turpel freet d'Parole après ministre.

► **M. Justin Turpel (déi Lénk).**- Jo, par rap-port zu deem, wat de Minister gesot huet iwwert déi nei Procédure budgétaire, Budget de nouvelle génération. Ech hat verstanen - an duerfir wollt ech dat elo nach eng Kéier wëssen -, d'Chamber géif enk abezu ginn an déi ver-schidde Phase vun der Ausaarbechtung vun der neier Methodologie.

Elo komme mer an déi drëtt Etapp, an ech hat awer verstanen, dat géif op all Etapp ge-schéien. Duerfir wollt ech de Minister froen, wéi hie gedenkt, dat ze maachen, fir och d'Chamber an déi verschidde Phase vun der Ausaarbechtung, net vum Budget selwer, mä vun der Methodologie vum neie Budget anze-bezéien. Merci.

► **M. le Président.**- Här Minister, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Pierre Gramegna, Ministre des Fi-**

nances.- Jo, merci, ech kann dat ganz gären erklären. Déi drëtt Phas an deem Joer vun der Élaboration vum Budget fir 2015, do si mer nach an der - loosse mer soen - Phase pilote, déi mer amgaange sinn 2014 ze maachen. Wa mer eriwerginn an de Budget par objectif, Budget par programme, dat ass eng Prozedur, déi mer amgaange sinn ze studéieren, do muss och d'Gesetz geännert ginn vun eise Budget an do gëtt natierlech d'Chamber mat impli-zéiert.

Mä mir sinn nach net esou wäit. Mir sinn am-gaangen, déi Texter ze studéieren. Ech wollt just dat an Aussicht stellen, dass dat och nach kënnt, mä fir den 2015er Budget si mer nach am aktuelle Rahmen. Voilà.

► **M. le Président.**- Merci dem Här Finanz-minister. Mir géifen dann zum Vote iwwert den Ensembl vum Projet de loi 6597 iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6597 et dispense du second vote constitutionnel

De Vote ass lancéiert. Fir d'Éischt déi perséin-lech Stëmmen. D'Procuratiounen. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi 6597 ass mat 55 Jo-Stëmmen, bei 5 Nee-Stëmmen ugehall.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie An-drich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Fé-lix Eischen, Luc Frieden, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Jean-Claude Juncker (par Mme Nancy Arendt), Aly Kaes, Marc Lies, Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mo-sar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Mi-chel Wolter;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferdin, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Barto-lomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haa-gen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps (par M. André Bauler), Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Henri Kox, Mmes Josée Lor-sché, Viviane Loschetter, M. Roberto Traversini et Mme Christiane Wickler.

Ont voté non: MM. Gast Gibéryen (par M. Roy Reding), Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Justin Turpel et Serge Urbany.

(Interruption)

Jo, de Generalsekretär mécht mech hei drop opmierksam, dass am Virfeld net matgedeelt ginn ass, dass et e Vote à majorité qualifiée wier.

► **M. Alex Bodry (LSAP).**- Et ass keen!

(Interruptions)

► **M. le Président.**- Ah voilà. Voilà!

(Interruptions)

Okay, dann ass de Projet de loi 6597 mat 55 Stëmmen ugehall.

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete verfassungsméisseg Vote ze ginn?

(Assentiment)

Dann ass dat esou décidéiert. Ech soe Merci.

Mir géifen zum Projet de loi 6631 iwwert déi sougenannten „Sukuk“ iwwergoen. An anere Wieder, dat sinn déi islamesch Finanzéierungs-modeller, déi och hei zu Lëtzebuerg solle regle-mentéiert ginn. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht, an d'Wuert huet direkt de Rapporteur, den Här Guy Arendt. Här Arendt, wann ech gelift.

3. 6631 - Projet de loi portant auto-risation d'aliénation de trois im-meubles administratifs en vue de leur location et de leur rachat

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

► **M. Guy Arendt (DP), rapporteur.**- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleegen, de Projet de loi, iwwert deen ech lech op dëser Plaz e Rapport maachen, ass de 17. Dezember 2013 vum aktuelle Finanzmin-ster déposiert ginn. De Statsrot huet säin Avis den 11. Mäerz 2014 finaliséiert an den 19. Juni vun deem Joer huet d'Cofibu mech zum Rapporteur ernannt. Bei där Geleeënheet sinn de Gesetzesprojet an den Avis vum Statsrot analyséiert ginn an en Amendement ass un de Statsrot geschéckt ginn. Dësen huet säin Avis complémentaire den 1. Juli eragin, soudass de schréftleche Rapport den 8. Juli an der Kom-missiouen konnt ugehall ginn.

Et geet bei deem Gesetzesprojet drëm, d'Kon-ditiounen ze schafen, fir dass Lëtzebuerg dat éischt Land op der Welt ka sinn, wat e souge-nannten „Sukuk“ an Euroen op d'Bee stellt. Dëst ass e Finanzproduit, deen de Besoine vun der islamescher Finanzwelt nokënnt, andeems en am Respekt vun de Regele vun der Scharia steet. „Sukuk“ steet eigentlech fir „Certificat de financement“, deem ee mat Obligatiounen aus eise bekannten Emprunt obligatoire nokënnt.

An deem Sënn leeft de Rendement vum Invest net iwwer Zësen, mä iwwert de Gewinn vun engem sougenannten „Actif sous-jacent“. An eise Fall geet dat iwwert de Loyer vu be-stëmmte Gebaier. Dëse Finanzproduit riicht sech also un éischter Linn un Investisseuren aus de Golfstaten.

Ier ech op déi genau Funktiounsweis vun esou engem Sukuk ze schwätze kommen, wollt ech dëse Gesetzesprojet an de Kontext vun der Finanzpolitik vun eiser Regierung stellen. Esou wéi de Koalitiounsvertrag dat virgesäit, mécht dës Regierung Efforten, fir de Finanzsektor hei zu Lëtzebuerg weider ze stäerken, an dat am Intérêt vum Land an de Bierger. Eng gewëssen Diversifikatioun an deem Beräich ass gefrot, éischstens, wat den Typ vu Finanzproduiten, an zweetens, wat hir geografesch Ausrichtung ugeet. Eréischt déi lescht Woch gouf et jo an deem Kontext gutt Noriichten, wéi de Finanz-minister verkënneg konnt, dass eng weider chineesch Bank sech zu Lëtzebuerg instal-léiere wëllt.

Am Gesetzesprojet vun haut de Mëtteg geet et drëm, eng musulmanesch Clientèle vun eise Fi-nanzproduiten ze iwwerzeegen. Déi islamesch Finanzwelt ass e Marché, dee sech an de leschte Jore gutt entwéckelt huet. Dofir ass et wichteg, dass Lëtzebuerg sech an deem Beräich ganz schnell positionéiert.

Wéi Der wësst, verbitt déi musulmanesch Fi-nanzwelt, dass Zësen op engem Invest be-zuelt ginn. Dat heescht och, dass dës Investis-seuren eis klasesch Produiten, zum Beispill wat eis Financements obligatoires ugeet, net notze kënnen. Mir wëllen et dësen Institutiounen a Leit méi einfach maachen, op Lëtzebuerg ze kommen, andeem mer op dëser Plaz e Prozess ustoussen, deen dem Stat et erlaabt, e Sukuk op d'Been ze stellen. Dëst ass näischt aneschtens wéi e Financement obligatoire, deen no de Regele vun der Scharia fonctionnéiert.

Dir verstitt also, dass dëse Projet vun extremer Wichtigkeet fir eise Finanzsektor ass.

Här President, ech mengen, et ass am ver-ständlechsten, wann ech lech an e puer Wier-der erklären, wéi esou e Sukuk fonctionnéiert.

Engersäits verkeeft de Lëtzeburger Stat dräi bestëmmte Gebaier, déi him gehéieren, un eng Gesellschaft, déi nëmme fir dësen Zweck ge-schafe gëtt. Et geet hei ëm eng Zomm vun 200 Milliounen Euro. Bei dëser Gesellschaft handelt et sech, fir de professionnelle Jargon ze benotzen, ëm en SPV oder „special purpose vehicle“, och nach „Véhicule de structuration“ genannt. Dës Entitéit huet exklusiv zum Zil, de Sukuk ofzewéckelen. De Stat gëtt zu 100% Aktionär vun dëser Gesellschaft, déi mat dem Mindest-kapital gegrennt gëtt, soudass dës Transaktioun keen Effet op de Statsbudget huet.

Bei de Gebaier handelt et sech ëm déi zwee Tierm um Kierchbiereg an ëm d'Gebai Guten-berg zu Stroossen. D'Gesellschaft verlount dann déi Gebaier, vun deene se fir d'Dauer vum Sukuk Propriétaire gëtt, genau wéi de Stat et bis elo gemaach huet. D'Suen, déi iwwert de Verkaf erakommen, ginn an effentlech Investis-sementer, wéi zum Beispill an de Fonds des routes oder de Fonds du rail, investéiert.

Da stellt dës Gesellschaft Obligatiounen am Gesamtwäert vun 200 Milliounen Euro un inte-resséiert Investisseuren aus, déi haaptsächlech aus de musulmanesche Länner kommen, ouni awer dass dës Obligatiounen op bestëmmten Investisseure limitéiert wieren. All Investisseur kann also do matmaachen, wann e wëllt.

Am Géigenzuch zu dësen Obligatiounen kréien d'Investisseuren en Deel vum Loyer, deen déi dräi Gebaier der Entitéit erabrëngen. De Retour um Invest hänkt vum Montant of, deen duerch d'Loyeren erakënnt. Deen aneren Deel vum Loyer gëtt geholl, fir déi administrativ Fraisen ze decken, wéi zum Beispill Steieren, déi op d'Gesellschaft falen, oder d'Käschte vum „Sha-riah Committee“. Op dee kommen ech nach ze schwätzen.

An enger nächster Phas léist sech de Sukuk erëm op. No maximal fënnf Joer verkeeft d'Gesellschaft hir Rechter un den dräi Gebaier erëm un de Lëtzeburger Stat zrëck, zum selwechte Präis, wéi si se kaaft huet. Dat heescht fir 200 Milliounen Euro oder de Géi-gewäert an Dollaren. Zu deem Zäitpunkt kënnt de Sukuk also op en Enn.

Här President, ech géif dann awer och nach op e puer Detailler agoen, déi de Statsrot a sen-

gem Avis opgeworf huet. Éischstens besteet bei esou engem Sukuk en „Shariah Committee“, also e Comité vun Experte vun der islamescher Finanz, an dee stellt sécher, dass alles no de Re-gele vun der Scharia ofgewéckelt gëtt. An et ka sinn, dass dëse Finanzproduit natierlech méi deier gëtt wéi de klasesche Financement obli-gataire doduerch, dass eben dee Comité muss agesat ginn. Dat ass gutt méiglech, mä dëse Sukuk muss een an engem vill méi breede Kontext gesinn.

Duerch dëse Gesetzesprojet schéckt Lëtzebuerg d'Signal un déi musulmanesch Länner, dass si bei eis wëllkomm sinn. De Sukuk sollt also net eenzel bewäert ginn, mä am Zesummenhang mat dem Positionéiere vun eiser Finanzwelt, vun eiser Finanzplaz weltwäit, déi oppen an di-versifizéiert ass. Wa mer an der musulmane-scher Finanzwelt als „halal“ bekannt sinn, kann een dovun ausgoen, dass musulmanesch Kapi-taler an Zukunff bei eis investéiert ginn.

Dann ass och nach d'Fro vun de staatleche Ga-rantien opkomm, am Fall, dass eent vun de Ge-baier während deene fënnf Joer zu Schued komme sollt duerch en Accident, wéi engem Feier zum Beispill. Et ass an deem Kader ze be-mierken, dass sech dës Gefore fir all Proprié-tairé stellen. Dëst huet also näischt mam Sukuk u sech ze dinn. Ob de Stat dës Gebaier wéi elo direkt oder wéi am Fall vun engem Sukuk iwwert dës nei Sociéitéit verlount, spillt do keng Roll.

Och ass d'Fro opgeworf ginn, wéi et mam steuerlechen Traitement vun esou engem Sukuk ausgesäit. Sou wéi bei all anerem Finanzproduit hänkt dëse vum Enn-Bénéficiaire of. Dëse muss kucken, dass hien déi Steiere bezilt, déi a sen-ger Législatioun ufalen.

De Statsrot hat och nach eng Fro gestallt am Bezug op d'Anhale vum Artikel 26 vum Gesell-schaftsgesetz vun 1915. Dësen Artikel fënnit al-lerdängs hei keng Uwendung, well hei keen Apport en nature an déi Gesellschaft gemaach gëtt. Mir brauchen also hei kee Rapport vun engem Réviseur, deen d'Immeublé géif eva-luéieren.

Här President, mat deem Gesetzesprojet, dee mer de Mëtteg hei diskutéieren, erlabe mir et dem Stat, dräi Gebaier fir eng maximal Lafzäit vu fënnf Joer un eng Sociéitéit ze verkafen, déi doduerch nei Clienten op eis Finanzwelt wäert bréngen.

Oppenheet huet eist Land nach ëmmer ge-kennzeechent, an dës Oppenheet wäert eis och an Zukunff weiderbréngen. De Koalitiounsac-cord schwätzt vun Oppenheet, Responsabi-litéit, Kohäsioun. Ech mengen, et ass net schweier, ze gesinn, wéi dëse Projet de loi eng Ouverture maache wäert, fir nei Clienten op Lëtzebuerg ze kréien, eng Ouverture, duerch déi mir Responsabilitéit fir eist Land iwwerhue-len, andeems mer eist Land op der Kaart vun der Finanzwelt placéieren a seng Kohäsioun duerch eis staark Wirtschaft garantéieren.

Ech wëll zum Schluss och de Leit aus dem Fi-nanzministère op dëser Plaz Merci soe fir déi gutt Zesummenaarbecht grad wéi mat de Membere vun der Finanzkommissioun. Dat ge-sot, bréngen ech hei den Accord vun der DP-Fraktioun zu deem virlienden Text an ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci och dem Här Rapporteur. Den nächste Riedner ass den Här Luc Frieden fir d'CSV.

Discussion générale

► **M. Luc Frieden (CSV).**- Här President, ech sinn eigentlech frou, datt um Enn vun dëser Parlamentssessioun virun der Sommervakanz de Mëtteg nach dräi Projeten um Ordre du jour stinn, déi nach d'Handschrëft vun der viregter Regierung a vu mir als Finanzminister droen. Dat war dee Projet virduun, dat ass dë-sen an dat ass deen nächsten.

Bei deem stellen ech mat Satisfaktioun fest, datt déi nei Regierung quasi an hirem éischten Akt, dee si gemaach huet, nämlech am Dezem-ber, wéi se ugetrueden ass, dëse Projet, deen nach an der viregter Regierung am Regie-rungsrot war, och op den Instanzewee ginn huet. Ech mengen, dat ass gutt, well dat beweist, datt d'Finanzplaz an den Ae souwuel vun der viregter Majoritéit wéi vun dëser e ganz wichtige Sektur an der Lëtzeburger Ekonomie ass. En ass wichteg fir eist Land, d'Plaz selwer, d'Aarbechtsplazen, mä selbst-verständlech och fir d'Revenuen, déi fir de Stat a fir aner Betriber an der Ekonomie duerch de Finanzsektor generéiert ginn.

Sou muss een dëse Projet gesinn, well en ass Deel a mengen Aen als fréiere Finanzminister an och haut am Numm vun der CSV-Fraktioun, fir datt mer eng breet opgestallte Finanzplaz hunn. Mir brauchen awer eng Strategie, déi méiglech mécht, datt eis Finanzplaz sech vun aneren ënnerscheet. An d'Lëtzeburger Finanz-



plaz ënnerscheet sech virun allem vun aneren, well se méi international ass, well se huet jo kee groussen nationale Marché. Déi Acteuren, déi hei sinn, kucken an d'ganz Welt, an duerfir geet et also drëm, datt mir als Finanzplaz un der globaliséierter Economie deelhuefen.

Duerfir hu mir eis an deene leschte Joren äifreg op de Wee gemaach, andeem mir souwuel Produkter, Déngschtleschtungen en adequate gesetzleche Kader ginn hunn, wéi och duerch grouss Promotiounsefforten iwwerall op der Welt, och ausserhalb vun eisen traditionellen europäesche Mäert, déi weiderhi wichteg bleiwen, och positionéiert hunn.

De Rapporteur Guy Arendt, deem ech hei villmools Merci soe fir seng souwuel politesch wéi juristesche Erklärungen, huet drop higewisen, datt mer et an deene leschte Jore fäerdegbruecht hunn, déi dräi gréisste chineesesch Banken als hiren europäeschen Hub op Lëtzebuerg ze kréien. Datt deen Effort elo weidergeet, ass gutt, an datselwecht gëllt fir aner Produkter, déi an anere Regiounen verkaaft ginn, an dozou gehéiert d'Iddi, déi hannert dësem Sukuk ass.

A priori ass dat net, fir en Emprunt ze émettéieren, fir Suen anzedreiwen, well déi 200 Milliounen hätte mer och op klasscheschen europäeschen oder amerikanesche Mäert kënnen andreiwen, mä et geet drëm, de Fändel vu Lëtzebuerg an domat d'Kreatioun vun Aarbechtsplazen ofzesécheren, andeem mer eis Déngschtleschtungen och an neien Economien, déi schnell um Wuesse sinn, kënnen verkaufen. An dozou gehéieren déi Länner an der arabescher Welt, mä och virun allem an Asien, wou d'islamesch Finanz bekannt ass.

Eigentlech ass dat, wat an der islamescher Finanz hei geregelt gëtt, guer net esou anescht wéi dat, wat mir an eise Kreesser, an eise geografesche Kreesser historesch kannt hunn.

Dat Wuert „islamesch Finanz“ ass heiansdo e bëssen irreführend. Dat huet näischt mat Fundamentalismus ze doen. Dat huet näischt mat Islamisten ze doen. Dat sinn also einfach verschidden ethesch Prinzipien, déi an enger vun de Weltreligiounen sinn, déi een interessanterweis an eise Reliounen och fonnt huet. D'kathoulesch Relioun huet laang Zäit och de Prêt à intérêt - well dorëms geet et, datt ee keng Zënse kann ophiewen - verbueden. D'Protestanten och, bis de Calvin komm ass an dat e bëssen opgemaach huet. An d'Juden hunn de Prêt à intérêt ënner sech verbueden, mä vis-à-vis vun Drëtten hu si en erlaabt.

Ech nuancéieren dat net, ech soen dat einfach an engem ganz strikte Résumé. Et gi sécherlech vill méi Nuancen an deenen eenzelne Reliounen, wéi ech se gesot hunn, mä et gouf e Fil conducteur, deen nach haut an der islamescher Relioun bliwwen ass.

Wat also deen eenzegen oder Haaptënnerscheed ass, ass, datt een hei Produkter als Basis setzt, fir als Stat Suen ze léinen, déi net kënnen Zënse generéieren. Et muss och en Investissement hannendru sinn, e konkreten Investissement, duerfir dës Gebaier, an déi musse sozial responsabel sinn. Eppes, wat mir jo och an eiser Economie vill kennen, well d'Betriber an d'State wëlle sozial responsabel sinn. Duerfir kann een also net all méiglech Investissementer als Basis vun deem Prêt huelen, mä nëmmen där, déi och ethesch a sozial responsabel sinn.

An hei an dësem Fall gebraucht d'Regierung Gebaier, déi si als Grundlag hält, fir déi ze verlounen, an dat Verlounen ass en fait de Loyer, dee bezuelt gëtt, fir déi Suen, déi de Stat heimadde ophëlt an déi en an de Statsbudget erafléisse léisst.

(Mme Simone Beissel prend la présidence.)

Et ass also näischt esou Extraordinäres, mä et geet drëm, wéi gesot, datt mir och an Zukunft de Fändel vun der Finanzplaz Lëtzebuerg och op anere Plazen an der Welt kënnen opriichten. An ech soen net nëmmen an de Golfstaten, déi e ganz staarke Wuesstum kennen, mä och an Asien. Dat gréisst islamescht Land ass Indonesien. Dat sinn also och nei Marchéen, op déi mir kënnen an der Zukunft goen.

Ech wëll och drun erënneren, datt déi viregt Lëtzeburger Regierung zwou Ambassaden opgemaach huet a Länner, wou och déi Prinzipien do zum Deel elo oder an der Zukunft an der Finanzwelt eng Roll spillen, nämlech an Abu Dhabi an de Golfstaten an an der Türkei an Europa an un der Grenz mat Asien.

Et geet also drëm, weider d'Lëtzeburger Finanzplaz ze diversifizéieren, weider ze stäerken, an dat brauch eist Land och an deenen nächste Joren. Et ass also e gudden Projet, et ass e Projet, deen eis souwuel déi geografesch wéi d'Produktdiversifikatioun erlaabt. An déi ass noutwendeg, wa mir wëllen - an ech mengen, vill heibanne wëllen dat - d'Finanzplaz weider wuesse loossen.

Eng juristesche Remarque, déi ech mat gäre géif ginn och an d'Kommissioun vun den Institu-

tiounen am Kader vun der Verfassungsdiskussion, mir hate schonn esou eng Reflexioun an eise Remarquë virdrun: D'Fro stellt sech, ob ee wierklech e Gesetz brauch, wann de Stat Gebaier quasi u sech selwer verkeeft. Déi Gebaier hei gehéieren dem Stat, déi ginn, wéi de Rapporteur virdrun exposéiert huet, temporäremment an eng aner Gesellschaft transferéiert, déi zu 100% dem Stat gehéiert, an no der Operatioun komme se zrëck un de Stat.

Ech sinn also der Meenung, datt vun der Ratio, vum Gesetz hier, vun der Verfassung hier hei sécherlech kee Gesetz géif gebraucht ginn. Ech ginn awer gären zou, datt, wann een eng méi en Ausleeung vun der Verfassung mécht, all Transfert de propriété e Gesetz verlaangt, datt mir duerfir dat Gesetz hei solle maachen, och fir e ganz kloren a propperen „legal opinion“ vun deenen ze kréien, déi ee bei esou Operatiounen brauch. Trotzdeem mengen ech, sollte mir an der Institutionskommissioun vun dësem Haus kucken, ob een net an Zukunft fir esou Transfers de propriété vum Stat un de Stat déi gesetzlech Basis an der Zukunft net méi géif brauchen.

Mat där Remarque géif ech wëllen dës Interventioun ofschléissen. Nach eng Kéier: Et ass, wéi gesot, e Projet, dee wichteg ass, fir datt Lëtzebuerg un der Globaliséierung ka participéieren, datt Lëtzebuerg sech nach méi breet kann opstellen an datt mer och weider an Zukunft Aarbechtsplazen op der Finanzplaz kënnen schafen, datt mer kënnen nei Revenue generéieren an datt domadder net nëmmen d'Finanzplaz, mä och all déi aner Betriber, déi direkt oder indirekt vun der Finanzplaz ofhänken, kënnen dovunner bénéficiéieren.

Ech ginn domat den Accord vun der CSV-Fraktioun zu dësem Projet.

Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **Mme la Présidente.** - Merci, Här Frieden, fir Är interessant Interventioun. Als nächste Riedner ruffen ech op d'Tribün den Här Franz Fayot.

► **M. Franz Fayot (LSAP).** - Merci, Madame Presidentin. Léif Kolleeginnen, Léif Kolleegen, et ass scho gesot gi vu menge Virriedner: Et ass net déi éischt Tentative mat dësem Projet de loi, fir Lëtzebuerg ze positionéieren als en Zentrum fir islamesch Finance. Et si schonn Efforte gemaach ginn an der Vergaangenheet, ech mengen vun 2008 un an der Haaptsaach, fir Lëtzebuerg ze positionéieren. De Luc Frieden huet et gesot. De Finanzministère huet Efforte gemaach, „Luxembourg for Finance“ huet Roadshows gemaach, d'Alfi huet och Efforte gemaach an der Vergaangenheet, fir d'islamesch Finanzen, fir Lëtzebuerg als en Zentrum, als eng Plattform fir islamesch Finanzeschmackhaft ze maachen.

Et muss een awer leider soen - an ech soen dat als een, deen dat méi vun engem professionelle Standpunkt aus erlebt huet -, dass déi Tentativen ni vu sonnerlech vill Succès gekréint waren an dass déi vill Clienten, déi sollten duerch déi Promotioun do ugezu ginn, méi vun der Fata Morgana hate wéi vun enger bléiender Oasis.

Déi Finanzprodukter, déi zu Lëtzebuerg ënnert de Regele vun der Scharia opgeluecht goufen - an där gouf et, an et gëtt der och nach ëmmer -, waren éischter e Produit vun Zoufall, wéi d'Resultat vun enger concertéierter Politik. An et waren och Niewenerscheinunge vun anere Produkter, vun aneren Industrien, wéi nottamment d'Fongenindustrie oder déi Finanzementer, déi iwwer Lëtzebuerg gemaach goufen. Ech kommen nach dorobber e bësse méi spéit zrëck.

Mä et ass awer och net esou, dass dës souveräne Sukuk géif an eng total Wüst falen an an enger totaler Wüst géif entstoën. Lëtzebuerg ass haut schonns, an dat muss ee vläicht och eng Kéier soen, déi Haaptfongepattform ausserhalb vun der muslimanescher Welt fir Scharia-konform Fongen. Dës Fonge sinn eigentlech näischt anescht wéi sozial responsabel Investissementer. An ech mengen, do muss een och soen, dass dat jo eng vun de Prioritéiten ass vun dëser Regierung, och an der Promotioun vun der Finanzplaz, fir eben op de Wee ze goe vu méi sozial responsabele Finanzprodukter.

Och op der Lëtzeburger Bourse gi säit längerer Zäit Sukuke cotéiert. An et ass do interessant ze gesinn, dass viru Kuerzem d'Islamic Development Bank, d'IDB zrëckkomm ass op d'Bourse, virun zwee, dräi Méint, fir erëm hei Valeuren ze cotéieren, nodeems se eng Rei Joren net méi do war. An et muss ee wëssen, dass déi IDB deen Émetteur-phare ass schlechthin am muslimanesche Raum. Dat heescht, et ass wierklech e Pôle d'attraction an e wichtige Facteur de réussite fir dës Nisch an e gutt Zeechen, dass deen zrëckkomm ass op d'Lëtzeburger Bourse.

A schlussendlech ginn et och scho säit längerer Zäit Finanzementer, déi Scharia-konform zu Lëtzebuerg gemaach ginn, iwwer Lëtzeburger Gesellschaften a mat Lëtzeburger Déngschtleschter aus dem Finanzsecteur. An d'Steierverwaltung huet d'ailleurs an deem Kontext 2010 eng Circulaire erausginn, den 12. Januar 2010, iwwert de Steuerregime vun islamesche Finanzprodukter.

Et gesäit een also, dass et schonn haut op der Lëtzeburger Finanzplaz eng ganz Rei Déngschtleschter, Banken, Administratiounen gëtt, nottamment d'CSSF, déi eng Partie Memoranda of understanding ënnerschiwwen huet mat aneren Autoritéiten aus dem muslimanesche Raum, mä och d'Lëtzeburger Zentralbank, déi als éischt Zentralbank am Conseil vum Islamic Financial Services Board souz, dass et also schonn eng ganz Expertise gëtt, e ganze Savoir-faire op eiser Finanzplaz en rapport mat islamescher Finanz. An dorobber kann ee sécher opbauen am Développement vun där Nisch och hei zu Lëtzebuerg.

Madame President, Dir Dammen an Dir Hären, dësse Projet - kréie mir vum Finanzministère gesot - soll e Signal sinn, soll enfin e Produit d'appel sinn an der Haaptsaach. An der Haaptsaach am Beräich och vun der Verméigensverwaltung, fir déi grouss Fortunen aus deem Raum ëm de Golf, mä och aus anere muslimanesche Länner op Lëtzebuerg unzezéien, eben am Domän vun der Banque privée.

Et muss een nämlech als Finanzplaz esou Produiten ubidden, fir dass déi Investisseure bei Lëtzeburger Banken oder bei Lëtzeburger Déngschtleschter kommen, och wann een haut schonn an der Praxis gesäit, dass eng ganz Partie där Investisseuren net méi strictement no Scharia-Kritären investéieren. Dat heescht, et si schonn haut eng ganz Rei där Investisseuren, déi och Produite kafen, Finanzprodukte kafen, déi net no deene Kritären opgeluecht ginn. Mä et ass awer wichteg fir eng Finanzplaz, dass een déi Produkter huet a senger Gamme. An dofir ass et wichteg, dass dës Sukuk souverain vu Lëtzebuerg elo émettéiert gëtt.

D'Resultat fir d'Finanzplaz, déi positiv Wirkung duerch eng nei Clientèle, déi doduerch och heihinnerkënn, soll den zousätzlechen Opwand a Käschtepunkt fir d'Land géigen iwwer engem normalen Emprunt rechtfertigen.

De Statsrot hat jo kritesch dee supplémentaire Coût begutacht, andeem hie gesot huet, dass deen „Shariah Committee“ e wichtige Käschtepunkt ass, dass och déi Strukturatioun vun där Operatioun hei e bësse méi komplex ass wéi en normalen Emprunt. Ech mengen, dat sinn effektiv Kritiken, deenen ee soll Rechnung droen. An et ass wierklech ze hoffen, dass deen zousätzlechen Opwand a Käschtepunkt kompenséiert gëtt duerch effektiv eng positiv Retombée fir de Lëtzeburger Finanzzentrum.

Dat ass ze hoffen. Et kann een, wann een elo gesäit, wat deen engleschen Emprunt, dee jo u sech zäitgläich bal mat deem Lëtzeburger lancéiert ginn ass, deen englesche souveräne Sukuk, deen Enn Juni ugefaangen huet, seng Roadshow ze maachen, do gesäit een, dass deen e gewëssene Succès huet. Wann een d'Nouvelles liest, gesäit een, dass deen och elo scho bal ganz souscrivéiert ass an dass nach méi Appetit do ass fir esou e Produit um Marché. Dat stëmmt optimistesches och fir eise Sukuk, dee jo deen éischte Sukuk dann ass, deen an Euro dénomméiert ass; deen engleschen ass a britesche Pënner. Dat heescht, dat mécht schonn Hoffnung.

Et ass awer, mengen ech, esou, dass et net duergeet mat där Operatioun. Dat ass och gesot ginn am Kontext vun där englescher Operatioun. Et ass eng Operatioun, et ass also en „One-off“, dat heescht, et gëtt keng weider Operatiounen. Et ass e relativ klengen Montant vun 200 Milliounen Euro. Op de Finanzmäert ass dat net schrecklech vill, soudass et u sech hei eppes ass, wat muss begleet ginn. Fir dass et Succès huet, muss et begleet gi vun engem intelligenten a concertéierten Effort, zesumme mat den Acteuren vun der Finanzplaz, fir Lëtzebuerg ze positionéieren.

Dat ass en Effort, souwuel an der Kommunikatioun - et muss konsequent a kohärent communiquéiert ginn -, et mussen och reell Efforte gemaach ginn, mengen ech, fir islamesch Banken op Lëtzebuerg ze kréien. Dat ass fir de Moment nach net de Fall. Där gëtt et zu London eng Partie, mä där gëtt et menges Wëssens nach keng zu Lëtzebuerg.

An ech mengen, et muss een och, well mir esou eng wichteg Fongeplaz hunn, Efforte maachen, dass Fongepromoteuren zouschends esou Fongen opleeën ënner Scharia-Prinzipien an eise Land. Dat ass schonn de Fall. Et gëtt schonn eng Partie esou Fongen. Mä et muss ee kucken, dass et der nach méi ginn. Ech mengen, nëmmen da kann dës Nisch vun der islamescher Finanz hir Friichten droen.

Madame President, ech géif dann och nach gären dem Rapporteur Guy Arendt Merci soe fir säi ganz gudden Rapport an och mengem Virriedner fir seng interessant Präzisiounen. Dësse Projet de loi gëtt och gedroe vun eiser Fraktioun an ech géif lech Merci soe fir d'Nolauschteren.

Merci!

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **Mme la Présidente.** - Merci dem Här Fayot och fir seng flott Erläuterungen. Als nächste Riedner hunn ech hei ageschriwwen den Här Henri Kox.

► **M. Henri Kox (déi gréng).** - Merci, Madame Presidentin. Ech wëll dann dem Rapporteur aus grénge Siicht Merci soe fir säin ausféierleche mëndleche wéi schrëftleche Rapport. Och den dräi Virriedner fir hir Explikatiounen, besonnesch dem leschte Virriedner, fir méi déif gräifend Analysen do gemaach ze hunn. An ech bréngen den Accord vun der grénge Fraktioun.

► **Mme la Présidente.** - Merci dem Här Kox. Dann hunn ech hei ageschriwwen den Här Gibéryen. Ah, den Här Reding kënnt. Här Reding, et ass un lech.

► **M. Roy Reding (ADR).** - Merci, Madame Presidentin. Merci dem Här Rapporteur fir säi wonnerbare Rapport, un deem ech allerdéngs eng Klenggeheet ze kritiséieren hunn. Wann hie seet, dat heiten ass e Signal un d'islamesch Finanz, dass se wëllkomm ass. Firwat? Majo, eis Platz, eis Finanzplaz huet Gott sei Dank net op de Stat gewaart, fir an dëser Matière aktiv ze ginn. A mir hunn, wéi de Franz Fayot mat verschiddene Beispiller beluecht huet, schonn eng ganz, ganz laang Geschicht an eng ganz erfollegräich Geschicht mat der islamescher Finanz, an dat ass och ganz gutt esou!

Ech mengen, 1978 ware mir dat éischt westlecht Land, wat eng islamesch Finanzinstitutioun wëllkomm geheescht huet. 1983 gouf déi éischt „sharia-compliant insurance“ hei zu Lëtzebuerg gegrënnt. An 2002 hate mer deen éischte Sukuk, deen op der Lëtzeburger Bourse cotéiert ginn ass. Do kënnt een elo viruere mat all deenen Efforten, déi a méi rezenten Zäit geschitt sinn. Mä do gesäit een, dat ass eng ganz laang a ganz erfollegräich Geschicht.

No enger Publikatioun vu Pricewaterhouse, déi ass allerdéngs schonn ee Joer al, hate mer virun engem Joer 16 Sukuken op eiser Bourse, mat engem Gesamtinvestmentvolumen vu 5,5 Milliarden Euro! 5.500 Milliounen, fir dat emol an de Kontext ze setze mat deenen 200, vun deenen elo hei Rieds geet. Mir waren domadder deemools d'Nummer dräi op der Welt fir Sukuken, déi op der Bourse gëlscht sinn.

(M. Mars Di Bartolomeo reprend la présidence.)

Mir haten deemools 45 - 45! - islamesch Investmentfonge mat iwwer fënnf Milliarden Assets an dem Management, wat eis laut der Agefi zu der drëtgréisster Plaz op der Welt gemaach huet hanner Malaysia a Saudi-Arabien, wat esou islamesch Fongen ugeet, a ganz kloer zur Nummer eent europawäit! Dir gesitt, mir hu vill Efforte gemaach fir déi dote Produkter. Dat ass gutt esou, soll och esou bleiwen. An do kann een nach vill méi maachen, zum Beispill en institutionaliséierten „Shariah Committee“.

Mä datt elo de Stat hei e Sukuk erausgëtt fir - wéi hat Der gesot, Här Fayot? Et ass kee grouse Montant fir d'Finanzplaz - 200 Milliounen Euro, dat ass an eisen Aen awer a Fro ze stellen.

Et ass gesot ginn, et ass zougig ginn, souwuel vum Rapporteur wéi vun deenen anere Riedner, datt dee System hei, fir eng Obligatioun opzeleeë fir de Stat, fir un déi 200 Milliounen ze kommen, och wann dat dann net direkt de But wier, méi deier ass wéi eng klassesch Obligatioun. Dat schéngt ganz kloer ze sinn, besonnesch och duerch deen „Shariah Committee“, dee muss agesat ginn. An do setze jo Leit dran, déi dofir och ganz bestëmmt rémunéiert ginn.

Do wier dann eng Fro, déi de Minister mer duerno ka vläicht beäntweren, wéi héich déi Rémunéiratioun ass vun deene Leit an u wien do geduecht gëtt, fir dee Comité ze besetzen.

Et ass eng extrem komplizéiert Saach, well mir verkaufen als Stat enger Gesellschaft Immeublen, déi mer no fënnf Joer nees zrëckkafen. Et ass also net e Verkaf mat enger Lafzäit vu fënnf Joer, mä et ass ee Verkaf haut an ee Réckkaaf a fënnf Joer. Wann dat eng normal privat Gesellschaft misst maachen, déi misst den Enregistrement bezuelen, da wier dat guer net méi rentabel. Et ass nach iergendwéi ertäglich, well et de Stat selwer ass.



Da stelle sech prinzipiell Froe vu Privilegien, déi hei agefouert ginn, duerch de Stat, duerch ee Gesetz par rapport zu aneren Investisseuren, par rapport zu anere Leit, déi Statsobligatiounen signéieren. Et ass hei geschwat gi vun där spezieller Garantie op d’Konsistenz vun den Immeublen. Firwat kréien hei Investisseuren aner Privilegie wéi normal? Et war am urspréngleche Projet de loi souguer Rieds gaange vun enger Fräistellung vu Responsabilitéit vun den Administrateuren, den Dirigeanten an den Employéee vun där Gesellschaft. Dat ass Gott sei Dank op d’Bedenke vum Statsrot hin erausgeholl ginn.

Da stellt sech eng wesentlech Fro, an zwar déi vun der Distributioun vun deem Produit. Awéi fern kënnen normal Lëtzebuerger Steuerbierger dësse Produit kafen? Ass dee reservéiert fir friem Länner, fir aneschtgleeweg Leit, oder kann ech och als Lëtzebuerger Katholik dat dote kafen?

De Statsrot huet sech mat Recht d’Fro gestallt: Wat ass da schlussendlech d’Ursach, fir dat heiten ze maachen, anstatt eng klassesch Obligatioun? An dann héiere mer, ech mengen, do war all Mënsch elo d’accord, ze soen, et ass e Signal, et ass eng Publicitéit, et bréngt e Fändel fir Lëtzebuerg op d’Plaz.

Et ass e Gimmick, et ass en „Yps“-Gimmick, e Gimmick, deen deier ass, a virun allem ee Gimmick, dee vill ze spéit kéint! Den Här Frieden huet deen heite souveräne Sukuk 2011 anoncéiert, ulässlech, wa meng Informatiounen richteg sinn, vun engem Forum vun islamescher Finanz. 2014 stëmme mer elo d’Gesetz. Ass dat dat Signal, wat mer der Welt wëlle ginn iwwer eis Schnellegkeet, iwwer eis kuerz Weeër, iwwer eis Proaktivitéit fir d’Finanzplaz? Ech denken net!

Datt England eis elo iwwerholl huet, dat ass vläicht d’Faute à pas de chance, do schwätze mer vu 14 Deeg. 2004 gouf deen éischten institutionelle Sukuk an Europa gemaach, an zwar an Euro. Net vun engem Stat, mä vun engem Bundesland: Sachsen-Anhalt huet 2004 deen éischte Sukuk opgeluecht fir 100 Milliounen Euro.

Bref, mir sinn der Meenung, datt, wann de Stat 200 Milliounen brauch, mer besser Weeër hunn, méi einfach Weeër hunn, wéi dat heiten ze maachen, an datt déi Suen, déi dat heite méi kascht, datt mer déi sollte stiechen an eng seriö Promotioun vun eiser Finanzplaz an deenen dote Produiten, anstatt „unter ferner Liefen“, wéi bei der Tour de France, als Leschten an dëser Etapp unzekommen.

Mir stëmmen duerfir géint dat Gesetz. Ech soen lech Merci.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci och dem Här Reding. Nächste Riedner ass den Här Justin Turpel.

► **M. Justin Turpel (déi Lénk).** - Geet d’Auer erëm?

► **M. le Président.** - Ech soen lech Bescheed, wann et...

► **M. Justin Turpel (déi Lénk).** - Merci. Neen, Dir hutt virdu gesinn, wéi laang ech géif schwätzen. Ech hunn et net gesinn, well d’Auer net funktionéiert. Duerfir.

Mir stëmme géint dee Projet de loi hei, net well mir géint d’Finance islamique wieren. D’Finance islamique huet souguer eng Rei Virdeeler par rapport zu anere Finanzmachenschaften, wéi déi zum Beispill, fir net a Rüstung ze investéieren, zum Beispill fir, wann een d’Scharia kuckt, vun der Ausbeutung vun de Mënschen ofzegesinn. Do, mengen ech, stéisst se awer an der Praxis schonn un hir Grenzen. Mä dat vun der Rüstung, dat ass op jidde Fall de Fall, och wann eng ganz Rei Etüden a Beroder, déi elo wëllen d’Finance islamique zu Lëtzebuerg promouvéieren, gläichzäiteg awer an der Rüstungsindustrie mat täteg sinn.

Et ass och net, datt mir elo géint de Sukuk wieren, wat ee Produit, ee Finanzproduit ass ënner villen. Hei geet et jo haaptsächlech drëm, datt d’Dier soll opgemaach gi fir Investisseuren aus de Golfstaten, aus dem Qatar, Dubai, Bahrain. A mir wëssen awer och, datt dat keng Engele sinn, wat d’Mënscherechter ugeet, bis hin zur Sklaverei!

Ech wëll einfach drop hiweisen, datt, eleng - vu datt de Moment jo all Mënsch gär Fussball kuckt - fir déi nei Fussballstadien ze bauen, am Qatar schonn de Moment 900 Leit ënner sklavensähnleche Bedéngungen ëm d’Liewe komm sinn. 900 Leit ëm d’Liewe komm si beim Bau vun de Stadien, wou net driwwer geschwat gëtt a wou et vläicht derwäert wier, datt een hei och eng Kéier méi ausféierlech do-robbet géif zrëckkommen.

Mir wëssen och, datt d’Zil vun där Operatioun hei - ass emol net deen Emprunt, deen do gemaach gëtt, wou dann déi Zäit, déi Suen an Investitiounsfonge gestach ginn, wou ech lech drop hiweise wëll, datt déi a fënnf Joer awer mussen zrëckbezuelt ginn, an datt een och a fënnf Joer muss driwwer diskutéieren, wou een déi Suen dann hierhëlt -, mä d’Zil ass hei, fir eng Rei Finanzproduiten zu Lëtzebuerg um Maart, fir déi zu Lëtzebuerg unzëbiden. Och aner Finanzproduiten, iwwert déi mer hei nach ze schwätze kommen, fir speziell räich Leit bis hin zu islamesche Banken.

Wat sech jo och hei hannendru verstoppt, dat dierf een awer net vernoléisegen, besonnesch och bei där Regierung virdrun, an déi Regierung hei schénkt dat jo dann och zum Deel mat weider ze ënnerstëtzen, dat sinn awer och geostrategesch Allianzen, esou wéi se beispillsweis ronderëm d’Cargolux gemaach gi waren an an d’Box gaange sinn, wéi kloer ginn ass, wat sech do hannendru vu geostrategeschen Interesse verstoppt.

Mir maache mat deem Produit hei awer net nëmmen d’Dier op, fir datt räich Leit an Investisseuren aus de Golfstaten op Lëtzebuerg kommen, mir ënnerstëtzen domadder och déi Regimer an deenen hir Politik. A wann ee mengt, dat kéint ënnert dem Stréch eigentlech nëmmen eng Win-win-Positioun... eng Win-win-Situatioun sinn, wou mir Suen hei kréien, vun deene mir profitéieren, an déi déi gäre géife placéieren, esou mengen ech, datt dat net richteg ass, well et ass och eng Ënnerstëtzung vu Regimer. A fir déi Leit, déi an deene Länner ënner esou Bedéngunge liewen an aus där hirer Ausbeutung dann d’Suen op Lëtzebuerg solle placéiert ginn, ass dat keng Win-win-Situatioun! Dowéinst stëmme mir do dergéint.

Ech wëll awer och op eppes aneschtens hiweisen an deem heiten Zesammenhang, wat mer einfach, oder wat eis awer wierklech ëmmer méi um Mo läit. Mir wëssen, dat hei ass ee Produit vu villen, deen elo ugebuede gëtt, a mir kommen och am Hierscht nach op aner Produiten zrëck, wéi d’Fondation patrimoniale oder aner Saachen. Mir wëssen, datt sech ronderëm all déi Produiten zu Lëtzebuerg och ee breeden Déngschtleeschungssektor op- an ausgebaut huet, deen och wierklech do vill Interéiten dran huet.

Et ass och esou, datt „Luxembourg for Finance“, déi zielt op hirem Site all déi Déngschtleeschter, Consultanten, Bureaux d’études, Avocats d’affaires op, déi Interessi hunn un der Finance islamique, also speziell dorunner, esou wéi se och déi opzielt, déi un anere Produiten Interessi hunn.

Mir fannen et net normal, wann Deputéierten, déi en direkte finanziellen Interêt un esou Produiten hunn, wann déi hei mat sech amëschen an d’Diskussioun iwwert déi Produiten a sech net... Mir géife mengen, et wier normal, wa se sech géifen zrëckhalen, wann iwwer esou Projeten a Produiten diskutéiert gëtt an déi finaliséiert ginn.

Ech wëll drop hiweisen, datt ee Stats- oder ee Gemeengebeamten, dee Gefor géif lafen, fir hei mat ze decidéieren an ze diskutéieren iwwer säi Statut oder iwwer säin Akommes, d’office net méi dierf Stats- oder Gemeengebeamte sinn, wann e bis hei ass. An e muss ophale mat schaffen.

Ech wëll drop hiweisen, datt an engem Gemengerot en Entrepreneur oder soss iergendeen, deen ee Conflit d’interêt hätt, deen en Interessi un enger Saach hätt, net dierf un der Diskussioun deelhuele an och net dierf mat ofstëmmen. A mir géife vun deenen Deputéierte verlangen, déi an dësem Fall Interéite vertrieben an Interessegemeinschaften do hunn, datt déi wann ech gelift e bësse méi Retenue hätten a sech géifen enthalen, fir an esou Dossieren ze intervenéieren, mat ze diskutéieren an och scho guer net Rapporteur ze gi vun iergend esou engem Dossier.

Mir fannen, datt d’Interesse vun den Deputéierten an deem Sënn... Mir fannen, datt dat misst geschéien, och wann et de Moment net am Code de déontologie virgesinn ass, wa mer nach keen hunn an och wann et am neie Code de déontologie net... Dat misst eigentlech eng normal Saach sinn, wa mer wëllen d’Interessekonflikter verhënnern. A mir fannen, datt all déi Deputéierten, déi Interessen hunn an esou Dossieren - an et wäerten der nach kommen -, déi Interesse sollen offe leeën. D’Leit solle wëssen, mat wem se ze dinn hunn.

A wann den Här Roy Reding gëschter als Virspriecher vun all deene Leit, déi esou Interessen hunn, um Radio gesot huet, dat wier u sech eng normal Saach an dat wier ze vergläiche mat enger allgemenger Interesseverriedung, sou muss ech drop hiweisen, datt et een Ennerscheed gëtt, ob een en allgemengen Interessi, wat d’Majoritéit vun de Bevëlkerung betrëfft, vertritt oder ob een en eegenen Interessi huet un esou Saachen.

Den Här Reding sot och, et wier normal, datt Experten - an dat ass jo eent vun den Argumenter, wat ëmmer erëm gesot gëtt - iwwer esou Saache sollen diskutéieren, d’Chamber bräicht esou Experten. An et wier och normal, datt an der Chamber déi géifen doriwwer diskutéieren.

Jo, mir brauchen Experten, mä ouni Interessevermëschung. Mir mengen, all Deputéierte muss verstoen, wat en hei ofstëmmt. Dofir soll alles esou duergeluecht ginn, datt all Deputéierten et versteet. An déi Experte solle mer eis siche goe bei de Stat an dat verhënnert net... De Stat brauch och Experten, de Stat huet wahrscheinlech och déi Experten. A wann e se net huet, da soll e se kréien.

Mir brauche beim Stat déi beschten Experten, déi et gëtt, fir onofhängeg vun enger direkter Interesseverriedung kënnen ze handeln an ze beroden. Mir hunn och kee Problem, wann ee mat deenen Interesseverbänn zesummekënnert. Mä da geschitt dat op eng transparent Aart a Weis. An dat ass an dësem Fall, eiser Meenung no, alles net garantéiert.

Dofir mengen ech, an dësem Dossier an och an aneren Dossieren, déi op eis zoukommen, solle mer déi Froen do klären, well soss ass den Interessekonflikt evident an d’Interessevermëschung direkt ginn.

Merci!

► **M. le Président.** - Merci och dem Här Turpel. Ech hat d’Wuertmeldung nach vum Här Rapporteur. Här Rapporteur, Dir hutt d’Wuert.

► **M. Guy Arendt (DP), rapporteur.** - Merci, Här President. Also ech fannen déi Ënnerstellungen, déi hei gemaach ginn, ënner aller Klarnet! Ech mengen, ech hunn e Cabinet d’affaires, jo. Mä awer Interessevermëschung, dogéint wieren ech mech, an ech hätt nawell gären, wann Der do géift mat konkrete Beweiser kommen.

Ech hu keen Dossier vun islamescher Finanz. Dat wëll ech dohinnergestallt si loosse. An ech mengen, et sinn aner Leit heibannen, déi och an enger Businessétude sinn, awer déi keng Interessevermëschungen hunn. Also wa mer esou Tricker ufänken, dann hu mer besser, mir halen direkt op!

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

(Brouhaha)

► **M. le Président.** - Jo, also, ech mengen, hei ass net de Fait personnel ze invoquéieren. Et ass eng Reaktioun op dat, wat den Deputéierte gesot huet. Ech ginn dovun aus, dass alles gesot ass. Den Här Finanzminister huet fir d’Regierung d’Wuert.

Prise de position du Gouvernement

► **M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances.** - Här President, Dir Dammen an Dir Härren Deputéierten, de Projet de loi iwwert de Sukuk ass deen éischte Projet de loi, deen ech als Finanzminister déposéiert hunn. An ech si ganz frou, dass et grad dee war, deen ech déposéiert hunn, well ech vun Ufank u fonnt hunn, dass dat e ganz wichtege Projet wier fir d’Diversifikatioun vun eiser Finanzplaz. An ech géif gären hei ënnersträichen, wann ech en och deposéiert hunn, ass et effektiv hien - wéi hien et och selwer gesot huet -, mäi Virgänger, deen dat alles ausgeschafft huet, an ech géif him hei gäre formell Merci soe fir déi Aarbecht.

Et ass gesot ginn, dass et schued wier, dass dat esou laang gedauert huet. Jo, et huet effektiv laang gedauert, well et ass fir d’Éischt wou mer dat gemaach hunn. An et ass guer net esou einfach gewiescht, do ware vill Problemer ze léisen. A souguer nodeem ech de Projet am Dezember deposéiert hat, hu mer nawell misse kämpfen, fir dass en an acht Méint sollt hei virun d’Chamber kommen. Ech freeë mech, dass mat der Zesammenaarbecht vun der Cofibu a schlussendlech och no engem aktive Wiessel mam Conseil d’État all déi Froen, déi sech gestallt hunn, konnte geregelt ginn.

Dofir beweist dësse Projet och, dass déi Kontinuitéit, déi ech ëmmer invoquéieren, wat d’Finanzplaz ubelaangt, keng Wieder an der Loft sinn, mä dass dat eng Realitéit ass. An ech kann nëmme confirméieren, dass ech déi Kontinuitéit och wäert weidermaachen, well d’Défense vun den Interéiten vun eiser Finanzplaz huet näischt mat Parteipolitik ze dinn, dat huet mam Interêt vun eisem Land ze dinn.

An deem Sënn wëll ech och soen, dass, wann ech mat ville gudden Norichten aus China erëmmkomm sinn, och do vill gutt Viraarbecht vu mengem Virgänger gelescht ginn ass an „ce qui revient à César doit être rendu à César“. Hien huet dat wonnerbar gemaach mat senger Equipe. Op där Basis konnte mir och nei Saache maachen, soudass mer net nëmmen eng nei chineesesch Bank hunn, déi schonn e bëssen am Tube war, déi de Luc Frieden scho kennt huet, mä och nach eng aner derbäikomm ass. Et sinn also zwou chineesesch Banken elo op Lëtzebuerg komm an, an der

Tëschenzäit, déi zwou Zentralbanken, déi och en Accord fir de Clearing fonnt hunn. Eng Décisioun, wou mer jorelaang drop geschafft hunn - also och déi viregt Regierung -, a mir sollen eis all doriwwer zesummefreëen.

D’Diversifikatioun vun der Finanzplaz mécht een op zwou Aart a Weisen, fir et ganz einfach auszudrücken. Geografesch mécht een dat, andeems een nei Partner fënnt, oder et mécht een dat mat Produiten, andeems een nei Produiten a Servicer erfënnt. De Sukuk ass een en fait, deen déi zwou Saache matenee verbënnt, well duerch de Sukuk kréie mer en neie Produit op eis Finanzplaz, mä mir adresséieren eis do u Länner, mat deene mer schonn heiansdo ze dinn hunn, mä déi nach net genuch präsent sinn op eiser Finanzplaz.

An zwar ass dat haaptsächlech de mëttleren Orient, op där enger Säit, mä awer och dee ganzen asiatesche muslimeschen Deel, ugaange mat Malaysia an Indonesien, soudass dësen éischte souveräne Sukuk an Euro dénominiéiert, dee mir hei zu Lëtzebuerg elo wäerten zu enger grousser Majoritéit stëmmen, eng ganz gutt Saach ass.

Nun ass eis Gesetzgebung an eis Constitutioun esou gemaach, dass dat relativ komplizéiert war, fir dat ëmzesetzen. Mir hunn éischstens emol missen dräi administrativ Gebaier am Wäert vun 200 Milliounen Euro, déi dem Stat ganz gehéieren, an eng Gesellschaft setzen. An dann hu mer missen déi ganz Aktivitéit vun där neier Gesellschaft garantéieren - an op dëser Garantie ware grouss Problemer mam Statsrot, deen zu Recht Froen doriwwer gestallt huet -, fir dem Artikel 99 vun der Constitutioun, dem Artikel 80 vum Kontabilitéitsgesetz Rechnung ze droen.

Ech gräife ganz gären op, wat de Minister Frieden virgeschloen huet: Mir sollen eis Gedanke maachen, ob mer dat net kënne méi einfach maachen. Mä vu dass et mam Artikel 99 vun der Constitutioun ze dinn huet, da misste mer jo och d’Constitutioun wahrscheinlech änneren, soudass dat net esou einfach gëtt. Mä mir sollen eis dat awer vläicht opschreiwen, dass, wa mer scho konstitutionell Ännerunge maachen, mer dorunner denken.

Elo, wou mer dann eng Loi spéciale gemaach hunn, wat geschitt? Déi dräi Gebaier, dat ass dann d’Garantie, déi fir d’Ausbezuelen ass vun en fait engem Emprunt. Den Ënnerscheed mat engem normalen Emprunt ass, dass keng Interéiten ausbezuelen ginn, mä dass Loyerer ausbezuelen ginn. Dat ass u sech relativ einfach. A wat och nach wichtig ass, dat ass, dass dat Ganzt vun enger spezieller Gesellschaft gemaach gëtt, déi honnertprozenteg dem Stat gehéiert. Et ass also eng Société „special purpose vehicle“ - wéi dat esou schéin op Englesch genannt gëtt -, soudass dat also konventionell geregelt gëtt.

An ech muss soen, dass ech fannen, dass et extrem wichtig ass, dass mer dat elo maache fir d’Diversifizéierung vun eiser Finanzplaz. An et ass och dat exklusiv de Grond, firwat mer dat maachen. Well mir kéinten eis effektiv anescht finanzéieren op de Mäert a wahrscheinlech lichter méi bëlle, mä vu dass de Montant jo net esou grouss ass, mengen ech, dass dat heiten derwäert ass. D’autant plus, dass de Marché vun de Sukuken - ech mengen, dat ass nach net hei gesot ginn - ongeféier 100 Milliarden Dollar duerstellt. Dat heescht, eis 200 Milliounen an och déi vun den Engländer sinn och nëmmen nach eng kleng Drëps Waasser.

Richtegerweis ass hei ënnerstrach ginn, dass mir eng laang Erfahrung zu Lëtzebuerg hunn. Et ass bal alles opgezielt ginn: 78 ass dat schonn ugaange gi mat enger islamescher Institutioun zu Lëtzebuerg, 83 mat enger Assurancegesellschaft - dat ass och gesot ginn - an 2002 mat deem éischte Sukuk, deen hei cotéiert ginn ass. Et sinn der an der Tëschenzäit 16. An, ech mengen, et ass den Här Fayot, dee richtegerweis ënnerstrach huet, dass d’Islamic Development Bank erëm mat ons a Kontakt ass, wat eng exzellent Noricht ass, well déi war elo jorelaang absent. An ech géif och do den Hutt ofzéie virun der Lëtzebuerger Bourse, déi an deene leschte Méint extrem aktiv war. Si war och mat a China, fir, wéi gesot, esou Partner nei u Land ze zéien.

Wichtig ass och ze wëssen, dass d’Administration des contributions vun onser Säit en Accord ofgeschloss huet, net en Accord ofgeschloss huet, mä en fait d’Prinzipie vum Sukuk, vun de Murabahaen a vun den Ijaraen, alleguerten déi Instrumenter unerkannt huet an domat d’Sécurité juridique ginn huet.

An dann, last but not least, wëll ech ënnersträichen, dass en fait de Sukuk, fir konform zum Islam ze sinn, jo eng Rëtsch ethesch Regele muss anhalen. An déi ethesch Regele gläichen, an dat ass och richteg ënnerstrach ginn, en fait engem Investissement socialement responnable. An dat soll eis u sech ganz gutt gefalen, deen Investissement socialement responsable.



A wann ee gesäit och, wat fir eng Abusen an deene leschte Jore jo och zu der Finanzkris gefouert hunn, da kann een dee ganzen Aspekt vun der Islam-Finanz op eng vill méi proaktiv Aart a Weis vläicht analyséieren a sech soen, ob mer net iwwert dee Bia's justement eis mat Produite kënne befrënnen, déi vläicht manner Risque hunn an déi ethesch méi défendabel sinn.

D'Fro ass gestallt ginn, wien alles esou ee Produit kéint kafen. Eh bien, dat kënne Privatleit kafen, ob dat Lëtzebuerger sinn oder Netlëtzebuerger sinn, kleng Gesellschaften souwéi Investisseurs institutionnels. An ech mengen, domat hunn ech och nach op eng Fro geäntwert.

Ech freeë mech, dass mer mam Sukuk, dee mer elo hei haut stëmmen, an zwar mat enger breeder Majoritéit, eis en neit Instrument gi fir eis Finanzplaz, an ech freeë mech, dat och zesumme mat allen Acteuren vun der Finanzplaz dobause kënnen ze vermaarten.

Ech soen lech Merci.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci och dem Här Finanzminister. Da kéinte mer iwwert d'Sukuken ofstëmmen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6631 et dispense du second vote constitutionnel

De Vote fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. D'Procuratiounen. De Vote ass ofgeschloss.

Mat 55 Jo-Stëmmen a bei 5 Nee-Stëmmen ass de Projet de loi 6631 iwwert d'Sukuken ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Luc Frieden, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Jean-Claude Juncker (par Mme Nancy Arendt), Aly Kaes, Marc Lies, Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps (par M. André Bauler), Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter, M. Roberto Traversini (par M. Claude Adam) et Mme Christiane Wickler.

Ont voté non: MM. Gast Gibéryen (par M. Roy Reding), Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Justin Turpel et Serge Urbany.

Ech géif da froen, ob d'Chamber bereet ass, d'Dispens vum zweete verfassungsméisseg Voté ze ginn a mech domat vun de Sukuken ze erlësen.

(Hilarité et assentiment)

Merci.

Mir géifen dann zum nächste Projet iwwer-
goen, dem Projet de loi 6552, engem Of-
kommens mat Taiwan iwwert d'Verhënnerung
vun der Duebelbesteuerung. D'Riedezäit ass
nom Basismodell festgeluecht. An d'Wuert huet
direkt eis Rapportrice, d'Madame Joëlle Elvin-
ger. Madame Elvinger, Dir hutt d'Wuert.

4. 6552 - Projet de loi portant des dispositions fiscales diverses en vue de l'application de l'Accord entre l'Administration des contributions directes du Luxembourg et l'Agence des impôts du Ministère des Finances à Taipei, Taïwan tendant à éviter les doubles impositions et à prévenir la fraude fiscale en matière d'impôts sur le revenu et sur la fortune, et le Protocole y relatif, signés à Luxembourg le 19 décembre 2011

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

► **Mme Joëlle Elvinger (DP), rapportrice.** - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, op dëser Plaz maachen ech lech de Rapport vun dem Projet de loi, dee sech mat engem Duebelbesteuerungsoffkommens tëschent der Lëtzebuerger Steierverwaltung an dem Finanz-
ministère vun Taipeh an Taiwan auserneeetzt.

De 7. Mäerz 2013 ass de Gesetzestext vum deemolege Finanzminister déposéiert ginn.

D'Chambre des Fonctionnaires et Employés publics huet hiren Avis den 10. Abrëll 2013 era-
ginn an den Avis vun der d'Chambre des Sala-
riés datéiert vum 23. Abrëll 2013. Dee vun der
d'Chambre de Commerce ass vum 6. Mee
2013 an de Statsrot huet de Projet de loi den
2. Juli 2013 aviséiert. D'Chambre des Métiers
huet hiren Avis de 27. Januar 2014 erausginn.

Den 19. Juni 2014 huet d'Cofibu mech zur
Rapportrice ernannt a sech de Projet de loi
souwéi den Avis vum Statsrot ugekuckt. Deen
Dag drop ass een Amendement un de Statsrot
gaangen. Dësen huet den 1. Juli säin Avis com-
plémentaire zum Projet de loi ginn, soudass
dee schrëftleche Rapport de 7. Juli an der Co-
fibu konnt ugeholl ginn.

Här President, et geet bei dësem Gesetzes-
projet ëm d'Approuvéiere vun engem weideren
Duebelbesteuerungsoffkommens, dës Kéier
tëschent der Administration des contributions
directes an der Agence des impôts vum Finanz-
ministère vun Taipeh an Taiwan.

Op där enger Säit geet et bei dësem Accord
drëm, d'Duebelbesteuerung ze vermeiden, sou-
dass engem selwechte Steierzueler säin
Akkommens oder Verméigen net op méi wéi
engem Territoire ka besteiert ginn. Op där ane-
rer Säit ass dat heiten awer och eng weider
Mesure am Kader vun den Efforten, déi Lëtze-
buerg a puncto Bekämpfung vu Steuerbedruch
mécht.

Ech mengen, et ass eis all dru geleeën, dass
Lëtzebuerg sech an der weltwäiter Finanzwelt
gutt positionéiert. Dëse Gesetzestext dréit der-
zou bäi, fir dass eis Finanzplaz hire gudden
Numm dobause behält, awer och fir duerch
d'Ofschlësse vu weideren Duebelbesteuerungs-
offkommensen en attraktive steuerleche Kader ze
schafen, fir esou weider Investitiounen an e-
sem Land unzezéien. Vu dass eis Nopesch-
länner schonn esou Accorde mat Taipeh ofge-
schloss hunn, ass et wichteg, dass och mir eis
dësem Marché net verschlëissen.

Här President, ech wëll nach kuerz op e puer
méi technesch Detailer agoen, wat dëse Ge-
setzesprojet ubelaangt. Well Lëtzebuerg Taiwan
zënter 1972 net méi als eegestänneg Land
unerkennt, ass dëst Duebelbesteuerungsof-
kommens kee klasseschen Traité am Sënn vun
der Konventioun vu Wien, deen nëmmen
tëschent souveräne Staten ofgeschloss ka ginn.

Den Artikel 37 vun eiser Verfassung seet: «Le
Grand-Duc fait les traités.» A soumat mécht de
Grand-Duc d'Verhandlungen op mat anere Su-
jets de droit international. Well dëst Offkommens
am Sënn vum internationale Recht net als
Traité ka betruecht ginn, ass den Accord um
Niveau vun de jeeweilege Steierverwaltungen
ofgeschloss ginn.

Wéi Der wësst, gött et fir esou Steieroffkommens-
en OECD-Modell, e Modell, deem de
Lëtzebuerger Modell zum gréissten Deel no-
kënn. Duerch déi speziell Emstänn awer ass
sech bei de Verhandlungen an dësem Fall op
eise Lëtzebuerger Modell an op den taiwa-
nesche Modell baséiert ginn, woubäi eise Mo-
dell dach ganz vill dem OECD-Modell gläicht.
Dësen Accord respektéiert also d'Interesse vu
béide Parteien.

Da wëll ech just nach umierken, dass an dësem
Accord explizit festgehal gouf, dass och d'Or-
ganismes de placement collectif heivu profi-
téiere kënnen.

Här President, am Moment huet Lëtzebuerg
eng 70 Offkommense géint d'Duebelbesteuerung
mat verschiddene Länner. Haut kënn ee wei-
dert derbäi. De Gesetzesprojet vun haut weist,
dass weider gutt geschafft gött, fir eis Finanz-
plaz dobause professionell ze verkafen am Inté-
rêt vum Land an am Intérêt vu senge Bierger.

Heimat hoffen ech, dass d'Chamber dësem Ge-
setzesprojet hir breet Zoustëmmung aus-
schwätze wäert a ginn och den Accord vun der
Fraktioun vun der Demokratescher Partei.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.** - Très bien

► **M. le Président.** - Merci och der Madame
Elvinger. Éischte Riedner ass den Här Gilles
Roth. Här Roth, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

► **M. Gilles Roth (CSV).** - Merci, Här Pre-
sident. Ech kann et kuerzmaachen. Et soll een
awer nach eng Kéier ënnersträichen, dass dat
hei e wichtige Gesetzesprojet ass, well en am
wirtschaftlechen Interesse vun eise Land ass.

Madame Elvinger, där ech als Rapporteur Merci
soen, Dir hutt virdrun ënnerstrach, dass et
eigentlech kee klassescht Duebelbesteuerungs-
offkommens ass, wéi mer et des Éfteren an der
Chamber scho kannt hunn, mä well mer
Taiwan zënter '72 net unerkennen als Land, ass
et en Accord ginn zwësche Steierverwaltungen.

Elo stellt sech natierlech d'Fro: Musse mer e
Gesetz dofir maachen? Jo! Firwat? Mä well och

eis Verfassung seet, dass mer kee Steuerprivileg
kënnen hunn ouni Gesetz. A well awer déi
Duebelbesteuerung, déi juristescht Duebelbe-
steuerung, well déi hei entfält, dofir, trotzdem
dass et en Accord zwësche Steierverwaltungen
ass, muss et hei op e Gesetz kommen.

Ech muss och soen, dass de Conseil d'État a sen-
gem Avis déi juristescht Form vun deem Duebel-
besteuerungsoffkommens hei relativ pingeleg ge-
kuckt huet. En huet och sech eigentlech uge-
schloss un d'Jurisprudenz vun der Belsch.

An d'Madame Elvinger huet dat virdru richteg
ënnerstrach, dass et och fir Lëtzebuerg interes-
sant ass, dëst Duebelbesteuerungsoffkommens
ofzeschlëssen, well eigentlech déi direkt
Nopeschlänner, sief dat d'Belsch, sief dat och
d'Hollänner an Däitschland a Frankräich, trotz
alle vläicht politeschen Delikatessen, ähnlech
Accorden ofgeschloss hunn.

Zum Fong wäicht et eigentlech net weiderhin
of vun deenen anere klasseschen Duebelbe-
steuerungsoffkommensen, déi Lëtzebuerg geholl
huet. Ee wichtige Punkt ass deen, et ass vir-
drun ënnerstrach ginn, dass den Informa-
tionsaustausch geschitt no der OCDE-Modell-
konventioun. Dat ass engersäits am Sënn vun
der Transparenz, dat ass och am Sënn vun
engem politeschen Engagement, dee mer ge-
holl hunn an der OCDE, an dat zënter 2009.

Dofir hu mer eng ganz Rei vun Duebelbeste-
ierungsoffkommensen ofgeschloss. An et ass net
zulescht, mengen ech, am Interesse vun onser
Finanz- a Bankeplaz, well déi weider Créneau
kritt, an och eis gesamt Wirtschaft profitéiert
dovunner. An dofir ginn ech d'Zoustëmmung
vun der CSV-Fraktioun zu dësem Gesetzes-
projet.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci dem Här Roth.
Den Här Franz Fayot huet d'Wuert.

► **M. Franz Fayot (LSAP).** - Jo, Merci, Här
President. Ech géif och der Madame Elvinger
Merci soe fir hire ganz gudden Rapport. An ech
géif dann heimat den Accord vun der
LSAP-Fraktioun ginn zu dësem Projet de loi.

Merci.

► **M. le Président.** - Merci och dem Här
Fayot. D'Madame Loschetter huet d'Wuert.

► **Mme Viviane Loschetter (déi gréng).** -
Här President, mir och soen der Madame Elvin-
ger Merci fir hire mëndlechen a schrëftleche
Rapport a ginn den Accord vun der grénger
Fraktioun.

► **M. le Président.** - Merci. Den Här Reding
huet d'Wuert.

► **M. Roy Reding (ADR).** - Här President, fir
deene Lénken eng Freed ze maachen, ginn ech
da fir d'Éischt zu Protokoll, datt ech befaange
sinn als a Steierfroen tätigen Affekot a bréngen
den Accord vun eiser Fraktioun fir dëse ganz
exzellenten Text. Merci.

► **M. le Président.** - Merci. Den Här Turpel.
Näischt

(Négation)

Dann huet d'Regierung d'Wuert. Här Finanz-
minister, Dir hutt d'Wuert.

(Prise de position du Gouvernement)

► **M. Pierre Gramegna, Ministre des Fi-
nances.** - Här President, Dir Dammen an Dir Hä-
ren Deputéierten, erlaabt mer fir d'Éischt, der
Rapportrice, der Madame Joëlle Elvinger, Merci
ze soe fir hiren ausféierleche schrëftlechen an
och mëndleche Bericht.

An dann huelen ech awer och no, dass ech bei
deem viregte Projet dem Guy Arendt net félici-
téiert hat, well en hat dat effektiv super ge-
maach. Ech wollt mech entschëllegen.

Ech mengen, hei hu mer keng grouss Diver-
genzen. D'Schwieregkeet louch doranner, dass
mer hei net zwëschestaatlech Relatiounen
tëschent Lëtzebuerg an Taiwan kënnen hunn.
An duerfir gött jo elo hei, wéi richteg ënner-
strach ginn ass, tëschent deenen zwou Steier-
administratiounen en Accord gemaach. Deen
Accord ënnerfält also och net der Convention
de Vienne iwwert d'Traitéen. A mir maachen
do näischt aneschtlers wéi eis Nopeschlänner
oder Indien, Australien, Singapur oder vill aner
Länner, déi datselwecht gemaach hunn.

Ech wëllt vläicht just ënnersträichen effektiv,
dass et net nëmme wäertvoll ass, deen heiten
Accord derbäi ze hunn, fir elo vu 70 op 71 ze
kommen, wat u sech eng gudd Saach ass, mä
zweetens, well mer ganz vill wirtschaftlech
Interessen hu mat Taiwan.

Ech hat d'Freed, iwwert déi lescht Jore mech
méi mat deem Land ze beschäftegen. An ech
weess, dass ganz vill Entreprisen op deen hei-
ten Accord gewaart hunn. Duerfir sinn ech
frou, dass mer dat haut kënne maachen.

Vläicht nach zwee Elementer, wat de Contenu
ubelaangt: Dat eent ass, dass mer hei dee klas-

seschen Artikel 26 vun der OECD-Konventioun
iwwert den Échange d'information à la de-
mande dran hunn. An, wat manner klassesch
ass, dat ass, dass d'Investitiounsfongen extra
hei ernimmt ginn, fir dovunner ze bénéficié-
ren, wat u sech méi inhabituel ass, an d'Rap-
portrice hat dat zu Recht ënnerstrach.

An duerfir freeën ech mech, dass mer zu esou
enger grousser Majoritéit deen heiten Accord
kënne guttheeschen.

Villmools Merci!

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci och dem Här
Finanzminister.

Mir géifen dann zum Voté iwwert de Projet de
loi 6552 iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6552 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi per-
séinlech Stëmmen. D'Procuratiounen. De Voté
ass ofgeschloss.

De Projet de loi 6552 ass mat 57 Jo-Stëmmen,
bei 2 Enthaltungen ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval (par Mme Nancy Arendt), Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Luc Frieden, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps (par M. André Bauler), Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter, M. Roberto Traversini (par Mme Viviane Loschetter) et Mme Christiane Wickler;

MM. Gast Gibéryen (par M. Roy Reding), Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Se sont abstenus: MM. Justin Turpel et Serge Urbany.

5. Hommage à Mme Christiane Wickler

Ech géif lech bieden, just nach ee Moment
heizebleiwen, léif Kolleeginnen a Kolleegen,
well ech an eiser aller Numm e puer Wuert un
eis Kolleegin Christiane Wickler wollt riichten.

Wéi Der wësst, huet d'Christiane décidéiert, fir
sech ab sofort erëm haaptsächlech dem Beruff
ze widmen. An et ass déi lescht éffentlech
Sëtzung, déi lescht Sëtzung, wou d'Christiane
Wickler bei eis ass. Et ass also déi lescht Cham-
berssëtzung.

Ech wëllt duerfir an eiser aller Numm dem
Christiane, dat d'lescht Joer fir déi éischte Kéier
hei an der Chamber siégeiert huet, e ganz
härzleche Merci soe fir seng Aarbecht an där
kuerzer Zäit, mä virun allem och fir dee
Geescht, mat deem hatt eis begéint ass, déi
grouss Kollegialitéit, den Engagement an dat
Feier, wat bei him eriwwegeet.

Ech wënschen dem Christiane fir seng beruff-
lech, fir seng privat a fir all aner Engagementer
alles Guddes. An ech ginn dem Christiane just
nach en „Maach et gutt!“ mat op de Wee. Mir
bleiwe Frënn...

(Interruption et hilarité)

...an eis Weeër wäerte sech mat Sécherheet
nach kräizen.

Merci villmools!

(Applaudissements)

► **Mme Christiane Wickler (déi gréng).** -
Merci villmools.

► **M. le Président.** - Voilà, mir sinn um Enn
vun eiser Sëtzung. Merci, a mir gesinn eis muer
de Moien um néng Auer erëm. Et gött ee
laangen Dag, duerfir erhuelt lech gutt!

Merci.

(Fin de la séance publique à 17.12 heures)